N°269
Entrée le 05.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 269 vum 1. Februar 2024 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.**

Zur Fro 1:

Jo, ech gouf de 16. Januar iwwert dee Video informéiert. Ech war iwwert déi verschidde rassistesch, antisemittesch a fraefeindlech Aussoen zudéifst schockéiert. No enger interner Analys iwwert déi juristesch an net-juristesch Méiglechkeeten, fir op dëse Video ze reagéieren, hunn ech der Arméi d’Instruktioun ginn, dee Video beim Parquet ze denoncéieren. Dës Denonciatioun gouf den 19. Januar vum Chef d’état-major Adjoint um Parquet zu Dikrech gemaach. Och d’Optioun vun enger Stellungnam gouf gepréift mee net zeréckbehalen, well dëst d’Visibilitéit vum Video an der breeder Ëffentlechkeet just vergréissert hätt.

Zur Fro 2:

Nee, wärend der Instruction de base (IB) ass dëse Rekrutt net duerch antisemittesch Äusserungen, wuel awer duerch en inappropriéiert Verhalen opgefall, dat dozou gefouert huet, dass de Rekrutt eng ongenügend Note bei der “Formation du caractère” (Charakterbildung) krut an dofir, nieft sengen aneren Insuffisancen, duerchgefall ass an den 21. Dezember 2023 entlooss gouf. Zum Zäitpunkt wou de Video gedréint a veröffentlecht gouf, war dës Persoun net méi an der Arméi.

Zur Fro 3:

Wann eng Rekruttin oder ee Rekrutt géint bestoend Recht verstéisst, gëtt eng Plainte gemaach. Donieft appliééiert sech gegeebenefalls och d’Disziplinsgesetz an der Force publique vum 16. Abrëll 1979.

Am Fall wou e Manquement déi moralesch Qualitéite vun der Kandidatin oder dem Kandidat fir an der Arméi ze déngen a Fro stellt, erlaabt d’Arméisgesetz dem Minister dës Persoun virzäiteg aus der IB z’entloossen.

Zur Fro 4:

D’IB ass e Stage vu véier Méint wärenddeems d’Rekruttin oder de Rekrutt op hir Eegnung als Zaldotin oder Zaldot getest ginn an déi néideg Ausbildung kréien, fir vollwäerteg Membere vun der Arméi ze ginn.

An deem Kontext huelen d’Rekruttinnen a Rekrutten och un enger Rei Coursen deel, déi mam Verhalen an der Adhesioun zu rechtsstaatleche Prinzippien an demokratesch Valeuren zesummenhänken:

- Briefing d’accueil, mat den allgemenge Verhalensregelen an der Arméi;
- militärescht Strofrecht
- Moralesch Bildung
- Militärkultur (Vermëttlung vum Code de conduite militaire an der Wäertecharta vun der Arméi)

- Explikatiounen zum Bestoe vun der IB (notamment de Volet “Charakterbildung”).

D’Evaluatioun vun der Charakterbildung mécht 20 % vun der Gesamtnott vun der IB aus. Iwwert déi véier Méint ginn d’Rekruttinnen a Rekrutten op siwe verschidden Eegenschaften evaluéiert. Bei deenen Eegenschaften handelt et sech ëm

- Disziplin;
- Presentatioun;
- Ekippegeescht;
- Motivatioun an Engagement;
- Intelligence de situation;
- Dynamismus;
- Résistance dans le service.

Dës Eegenschafte gi permanent evaluéiert a bei Problemer ginn d’Rekruttinnen a Rekrutten direkt drop ugeschwat a corrigéiert. Wärend deene véier Méint ginn et dräi offiziell Evaluatioune wärend deenen de Pelotonschef vun der IB an engem perséinleche Gespréich mat der Rekruttin oder dem Rekrutt déi individuell Progressioun festhält an, wann néideg, Verbesserungsvirschléi gemaach ginn.

De Fall vun dësem Rekrutt, deen déi rassistesch, antisemittesch a fraefeindlech Aussoen am Video gemaach huet, weist, dass den aktuelle System vun der Evaluatioun an der Arméi funktionéiert an dass eng Evaluatioun vum militäresche Personal och op etheschen a moralesche Krittären absolut néideg ass. De concernéierte Rekrutt gouf nämlech als onzoulänglech fir den Déngscht an der Arméi bewäert an en huet seng Grondausbildung net gepackt an ass deemno net als vollwäertege Member vun der Arméi vereedegt ginn. D’Rekruttinnen a Rekrutte gi wärend hirer Ausbildung mat de Wäerter vun eiser Gesellschaft, der Demokratie, Fräiheet a Rechtsstaatlechkeet vertraut gemaach, an et sinn och dës Wäerter déi si verdeedegen. Si léieren awer och d’Wäerter vun der Arméi, nämlech Disziplin, Engagement, Solidaritéit, Droiture an Divsersitéit. Wa festgestallt gëtt, dass eng Rekruttin oder e Rekrutt déi Wäerter net deelt a säi Verhalen oder Aussoen net deem entspriechen, woufir d’Arméi steet, da sinn adaptéiert Mesuren en place, fir dorop ze reagéieren.

Lëtzebuerg, de 5. Februar 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes